

	68^e séance	Présidence M. Jean Spautz, Président
	Mercredi 11 juillet 2001	

Ordre du jour

- Projet de loi 4702 portant création d'un établissement public nommé „Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster“ (*Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*)
 - Projet de loi 4673A portant modification de
 - la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention, telle que modifiée par la loi du 24 mai 1998;
 - la loi du 27 mai 1977 portant
 - approbation du Traité de coopération en matière de brevets, fait à Washington, le 19 juin 1970,
 - adaptation de la législation nationale en matière de brevets telle que modifiée par la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention;
 - la loi du 27 mai 1977 portant
 - approbation de la Convention sur la délivrance de brevets européens, signée à Munich, le 5 octobre 1973,
 - adaptation de la législation nationale en matière de brevets telle que modifiée par la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention (*Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
 - Proposition de loi 4682 de M. Jeannot Krecké portant
 - organisation du cadre du personnel de la Cour des Comptes;
 - modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat;
 - modification de la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat;
 - modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes;
 - abrogation de la loi du 20 juin 1972 portant réorganisation des cadres du personnel de la Chambre des Comptes (*Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Lecture du texte de la proposition de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Résolutions*)
- Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs et M. Henri Grethen, Ministres.
(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Esou wéi d'Chamber et gëschter beschloss huet, hu mer haut de Mueren als éischte Punkt d'Diskussioun vum Projet de loi 4702 iwwert d'Schafe vun engem Etablissement public „Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster“. Et sinn agedroen d'Häre Fayot, Krieps, Henckes a Garcia.

D'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Mme Nelly Stein.

1. Projet de loi 4702 portant création d'un établissement public nommé „Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster“

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.- Här President, Madame, Dir Hären, Mme Minister, de 15. Juli 1993 huet d'Chamber de Projet de loi 3619 iwwert den Aménagement vum Komplex Abbaye de Neumünster

an e Centre culturel de rencontre gestëmmt. D'Aarbechte wäerten 2003 ofgeschloss sinn an de Projet, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, schaaft en Etablissement public, Centre Culture de Rencontre Abbaye de Neumünster, kuerz CCRN genannt, a preziséiert doriwwer eraus d'Objektiver, de Statut juridique an de Fonctionnement.

Ech wéilt a menger Interventioun kuerz op d'Geschicht vum Komplex, op d'Philosophie vun engem Centre culturel de rencontre, op d'Missioun an de Programm agoen, a mat den Aarbechten an der parlamentarescher Kommissioun an dem Avis vum Statsrot ofschléissen.

De Komplex Neumünster besteet haut aus der aler Benediktiner Abtei, dem Criminel, och Bâtiment Robert Bruch genannt, an dem Tutesall, Bâtiment Robert Krieps genannt.

An der Mëtt vum 16. Jorhonnert ass d'Abtei Neumünster duerch de Krich zerstéiert ginn. D'Benediktiner hu misse provisoresch an den Hospice St. Jean am Gronn iwwerwiesselen. An de Jore 1561 bis 1565 koumen

nei Raimlechkeete laanscht d'Kierch St. Jean derbäi, esou wéi och Späicheren a Ställ fir déi landwirtschaftlech Aarbecht ze verrichten.

1606 koum en neit Klouschter derbäi an dëst op der Südsäit vun der Kierch.

Am Mee 1684, während dem Règne vum Louis XIV, sinn d'Abtei an d'Spidol engem Groussbrand zum Affer gefall.

1688 gouf d'Abtei erëm opgebaut an ufanks vum 18. Jorhonnert sinn d'Gebailechkeete weider ausgebaut ginn. No der franséischer Revolutioun huet d'Stadverwaltung d'Police an d'Gendarmerie do ageriicht.

Nodeems de Komplex eng Zäit laang als Militärspidol fir déi Däitsch gedéngt hat, goufen d'Gebaier vun 1867 un, also d'Joer vum definitiven Ofzuch vun den däitschen Truppen aus der Stad Lëtzebuerg, erëm als Prisong benotzt.

Esou wäit dee ganz kuerzen Historique an ech maachen elo e grouse Spronk an d'Joer 1986, an zwar op den 9. Mee 1986, wou d'Regierung décidéiert huet, de fréiere Prisong am Gronn ze restauréieren. Den 10. Januar 1988 huet déiselwecht Regierung de Site als Monument historique klasséiert.

Am Februar 1990 huet d'Regierung en Aarbechtsgrupp dermat beoptraagt, Iddie fir den Aménagement vum Komplex Abbaye de Neumünster, dem Criminel an dem Tutesall auszuschaffen. De Gesetzesprojet 3619 ass de 5. Mee 1992 vum Bauteminister Robert Goebbels an der Chamber deposéiert ginn a gouf och de 15. Juli 1993 an der Chamber gestëmmt. Den definitive Programm vun de Bauten ass den 13. Juli 1996 vun dem Bauteminister iwwermëttelt ginn. Dëse Programm huet als Basis gedéngt fir déi definitiv Pläng an d'Formalitéite vun der Baugenehmegung. D'Restauratiounsarbechten hunn am November 1998 ugefaangen ënnert der Bauteministesch, der Mme Erna Hennicot-Schoepges. Déi Aarbechte komme gutt virun. D'Enn vun den Aarbechten un de Gebaier Robert Krieps a Robert Bruch, esou wéi och d'Restauratioun vun der Abtei, wäerte fir Enn 2003 fäerdeg sinn.

De CCRN baséiert sech op e Konzept vun de Centres culturels de rencontre a Frankräich, wéi zum Beispill d'Corderie royale de Rochefort, d'Abbaye de Royumont oder, méi no bei eis, d'Abbaye de Prémontré bei Pont-à-Mousson.

1992 ass d'Charte française des centres culturels de rencontre ënnerschriwwen ginn, déi d'Philosophie vun de CCRN ënnermauert. D'Centres culturels de rencontre gesinn hir Missioun doran, eng Synthèse fäerdegzebréngen tëschent engem fréieren, grouse Monument, ouni awer seng ursprüngelech Funktioun

ze vernoléisseg an engem kënschtlerechen intellektuelle Projet. D'Equipementen vun de Centres culturels de rencontre dëngen derzou, engersäits Artisten wéi och Associatiounen opzehuelen, an anerersäits Séminaren, Kongresser a Colloquen ze organiséieren.

De Centre Culturel de Rencontre Neumünster huet d'Missioun aus dem Etablissement public e Lieu de mémoire fort ze maache mat engem artistesche wéi kulturelle Projet ënnert dem Thema: „L'identité culturelle luxembourgeoise et son dialogue avec les autres identités culturelles régionales, européennes et mondiales“.

De Centre huet véier Funktiounen autonom awer zugläich komplementär ze erfëllen:

- Den Accueil vum Public;
- d'Rencontres selwer, wat méi Animatioun bréngt;
- d'kënschtlerescht Schafe soll encouragéiert ginn;
- d'Kultur selwer soll och ausgebaut ginn.

Déi zréckbehale Missioun sinn d'Kreatioun vum Institut culturel franco-germano-luxembourgeois, deen am Kader vun de Missioun vum CCRN verschidden Aktivitéiten ëm d'Thematik vum Dialog vun de Kulturen ausschafft.

D'Goethe-Institut Lëtzebuerg an de Centre culturel français Luxembourg hunn hiren Interessi ugemellt, fir sech am CCRN ze installéieren a kommen am Bâtiment Robert Bruch ënner, wou se Plaz genuch, zirka 150 m², wäerten zur Verfügung hu fir eng franséisch-däitsch Bibliothék.

Den Institut européen des itinéraires culturels ass säit Mee 1997 an der Tour Jacob ënnerbruecht a waart drop op Neumünster ze kommen. Dësen Institut ënnerstëtzt, op Basis vun enger Konventioun tëschent der Lëtzebuerger Regierung an dem Conseil de l'Europe, kulturell Itinéraires an allen europäesche Länner.

D'Maison de la Grande Région: Hei geet et drëm mat Saar-Lor-Lux ze kooperéieren, fir déi nach besser kennenzeléieren. D'Fro stellt sech awer - déi ass nach net 100%eg gekläert -, ob d'Maison de la Grande Région elo op Neumünster oder op d'Friche industrielle wäert kommen. Déi Fro muss nach geléist ginn.

(Interruption)

Ech hunn d'Mme Minister net expressis verbis gefrot, Här Fayot. Wann Dir drop haalt - Dir wësst, dass ech jo viles fir lech maachen -, da froe mer se zesummen. Vläch weess si et sécher, mä ech soen elo emol, dass et nach net gekläert ass. Et ass am Gespreich.

M. Ben Fayot (LSAP). - Mir ginn hei an der Chamber ëmmer alles zum Schluss gewuer.

Mme Nelly Stein (CSV, rapportrice). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet aus den uewe beschriwwene Missiounen a Funktiounen ervir, dass d'Zil vun engem Centre de rencontre muss sinn e Service public, e Service social an e Service culturel ze leeschten, dohier muss de CCRN sech eegestänneg finanzéieren duerch d'Bereetstelle vu senge Strukture fir d'Organisatioun vu Séminairen, Konferenzen an Ausstellungen.

Dës zwou Vokatiounen, e Service public an e Service payant à des tiers, hunn d'Regierung verulasst, dem CCRN de Statut vun engem Etablissement public ze ginn duerch d'Applikatioun vum Prinzip vun der Décentralisation par services. De Centre, dotéiert mat enger Personnalité juridique a mat enger finanzieller Autonomie, huet domat d'Mëttele fir eegestänneg ze funktionnéieren. Déi juristesche Form erméiglecht eng Kontroll vum Stat an d'Transparenz vun de Finanzen, an erméiglecht Co- an Autofinanzementer vun de Programmer an den Aktivitéiten vum CCRN. Doriwwer eraus erméiglecht en Etablissement public eng Economie mixte, déi d'Missiounen vun engem Service public respektéiert.

E puer Wuert zum Programm. De Programm résultéiert aus enger Interaktioun tëschent engem Lieu de mémoire fort, an deem Fall déi al Abtei an dee fréiere Prisong, an engem kënnschtlerschen a kulturelle Projet, dee sech op eng national, interregional, europäesch a souguer international Dimensioun erstreckt.

(Interruption)

Solle mer dann international ewechloossen a soen europäesch Dimensioun? Da si mer och nach ëmmer gutt?

Dës gëtt duerch Partenariater a Kooperatiounen mat kulturelle Réseauen a kulturellen ONGe virugedriwwen an och ëmgesat. Et sief an deem Kontext ervirgehuewen, dass den Interessi vun enger ganzer Rei Associatiounen a Vereenegunge grouss ass. Net manner wéi 15 Associatiounen, déi um kulturelle Plang zu Lëtzebuerg aktiv sinn, wëllen un den Aktivitéiten vum CCRN deelhuefen. Dës Lëscht ass net exhaustiv an et kann een dervun ausgoen, dass nach weider Associatiounen derbäi kommen, woubäi awer gewosst ass, an och gewosst muss sinn, dass all dës Associatiounen vun den Infrastrukture kënne Gebrauch maachen, ouni awer eege Lokaler ze kréien, wat bedeit, dass e Reservatiounsplang fir d'Veräiner muss opgestallt ginn.

Elo zu den Aarbechten an der parlamentarescher Kommissioun. De Gesetzesprojet ass den 29. September 2000 vun der Mme Hennicot-Schoepges, Minister fir Kultur, Enseignement supérieur a

Recherche, déposiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 20. Februar 2001 ofginn. Den Avis complémentaire iwwert déi parlamentaresch Amendementer vum 19. Mäerz 2001 ass den 2. Mee agaangen. D'Kommissioun ass den 19. Mäerz 2001 fir eng éischte Kéier zesummekomm fir den Text an den Avis vum Statsrot ze analyséieren. Den 29. Mäerz konnte sech d'Membere vun der Kommissioun sur place iwwert den Avancement vun den Aarbechten iwwerzeegen. De schrëftleche Rapport huet d'Kommissioun den 29. Mee ugeholl.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi huet Dispositiounen, déi sech wäerten op déi öffentlech Finanzen auswierken, a muss dofir den Artikel 79 aus dem Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Statstrésorerie respektéieren.

De CCRN gëtt also en Etablissement public mat enger eegener Personnalité juridique a mat enger finanzieller wéi administrativer Autonomie, an dës ënnert der Tutelle vum Kulturministère. De Statsrot huet sech des Öfteren iwwert d'Avantage vun engem Etablissement public ausgeschwat a weist op säin Avis iwwert de Centre national sportif et culturel hin.

Tatsächlech, de Statsrot ass iwwerzeegt, dass sech fir méi soupel an onofhängeg Strukturen am Verglach mat de staatlechen Institutiounen en Etablissement public am beschten eegent. De Statsrot schwätzt sech och dofir aus, net bei all Schafung vun engem Etablissement public nei juristesche Partikularitéiten ze erfannen a schléit vir, sech un den Dispositiounen vum Gesetz vum 26. Juni 2000 iwwert de Centre national sportif et culturel ze orientéieren.

Am Avis complémentaire vum 2. Mee 2001 huet de Statsrot déi virsichteg Remarque gemaach en rapport mat den Dispositiounen iwwert déi respektiv Kompetenzen vum Stat an déi vun engem Etablissement public, a verweist do op en neits op de Gesetzesprojet iwwert de Centre national culturel et sportif um Kierchbierg, an zwar mat dësem Wierder: „De l'avis du Conseil d'Etat le texte ayant en l'occurrence servi de modèle reflète un juste équilibre entre le souci d'assurer une réelle autonomie à l'établissement public projeté et la préoccupation non moins légitime de mettre l'Etat en mesure d'exercer effectivement son pouvoir de contrôle et de tutelle“.

D'Kommissioun vum Enseignement supérieur, vun der Recherche a vun der Kultur ass dës Wee net matgaangen. De Statsrot ass awer der Meenung, dass d'Démarche vun der Kommissioun net vereinbar ass mat engem Etablissement public, dat weder en Organ, nach eng Verwaltung, nach eng Institutioun oder eng Emanatioun vum Stat ass. E seet: „A chacun, établissement public et Etat, ses droits et obligations“. Deemo dierfte keng Fonctionnaire vum Ministère de tutelle, an deem Fall vum Ministère de

la Culture, den Etablissement public surveilléieren, kontrolléieren an administrativ Démarchen a Rechnungen approuvéieren oder ënnerschreiwén.

D'parlamentaresch Kommissioun huet sech awer géint dës Proposition gestäipt, well all fir de Conseil d'administration éligibel Fonctionnaires hunn nämlech duerch hir Aufgaben e Lien étroit mat dem Ministère de tutelle, an nëmmen duerch d'Presenz vun de Fonctionnaires kann d'Kontroll duerch de Stat garantéiert ginn.

An enger Äntwert vum zoustänneg Minister op eng Motioun, déi den 2. Abrëll 1998 am Kader vun der Debatt iwwert d'Dysfonctionnementer déposéiert gi war a wou d'Regierung opgefuerdert ginn ass, d'Praxis vun de Cumulen ze analyséieren, huet de Minister als Äntwert ginn, dass en Etablissement public an alleréischter Linn en Instrument ass, fir eng besser Gestéioun vun engem öffentleche Service ze garantéieren. Et wier dohier ëmsou méi wichteg fir d'Autorité délibérante eng enk Verbindung mam Ministère de tutelle ze fleegen. Dëse Lien manifestéiert sech virun allem duerch eng Participatioun vun de Beamten aus dem Ministère am Conseil d'administration. D'Autonomie vun dem Etablissement public ass duerch d'Tutelle net méi esou grouss, well d'Tutelle den Etablissement public an d'Ofhängegkeet vum Minister setzt.

A sengem Avis complémentaire huet de Statsrot sech nach eng Kéier fir eng Dispositioun ausgeschwat, déi d'Incompatibilitéit vun der Funktioun als Gestionnaire vun engem Etablissement public a vum Kontroller oder Surveillant vun dësem Etablissement public ënnermauert. D'Gestéiounsfunktiounen an d'Tutelle iwwert den Etablissement public misste getrennt bleiwen. Am Fall wou seng Proposition fir den Artikel 3, Paragraph 2 net zrëckzebehalen, net befollegt géif, huet de Statsrot ugemaht, d'Dispens vum zweete Vote ze verweigern. D'Kommissioun huet dunn an hirer Sëtzung vum 17. Mee dem proposéierten Text vum Statsrot zougestëmmt.

Dëst wieren d'Eckpunkte vun dësem Gesetzesprojet. Weider Detailler kënn Dir a mengem schrëftleche Rapport, deen ech am Numm vun der zoustänneger Kommissioun gemaach hunn, noliessen.

Ech wëll awer hei onbedingt alle Mataarbechter aus dem Kulturministère merci soen, fir hir geleschten Aarbecht. Si hunn dat mat vill Idealismus gemaach a mat vill Begeeschterung, an et huet ee gesinn, dass verschidde Leit sech total mat dësem Projet identifizéieren. Desweidere riicht sech mäi Merci un d'Memberen alleguer aus der Kommissioun vun der Kultur, déi wierklech kollegial a konstruktiv matgeschafft hunn.

Ganz ofschléissend wëllt ech den Accord vu menger Fraktioun ginn an ech invitéieren dëse Projet esou ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

Discussion générale

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun der Mëtt vun den 80er Joren u bis haut 2001 ass ganz vill iwwert d'Affektatioun vun der Abtei Neimënster nogeduecht an diskutéiert ginn. Dat huet och gewisen a weist nach ëmmer, wéi schwéier et ass, al an historesch wäertvoll Gebaier enger neier Destinatioun zouzeféieren a mat neiem Liewen ze erfëllen.

Eise Frënd Robert Krieps, Kulturminister vun 1984 bis 1989, huet d'Weiche gestallt fir e kulturelle Projet an Neimënster géint eng reng kommerziell Exploitatioun, déi eng Zäit am Gespréich war, an hien huet jo och bekanntlech déi éischt Jalone gesat, fir den Tutesall als kulturellt Instrument ze gebrauchen, nodeem dass d'Décisioun gefall war, fir deen ëmzebauen.

De virleende Projet fir en Etablissement public verbënnt den öffentleche Kulturoftrag mat der Obligatioun sech deelweis selwer ze finanzéieren. Mir begreifen déi formal Ausrichtung vum Projet, wa mer och eng ganz Partie inhaltlech Kriticken zum Kulturoftrag u sech hunn.

Här President, d'Gesetz, dat mer haut diskutéieren, ass dat zweet iwwert d'Abtei Neimënster. Dat éischt, wéi scho vun der Mme Stein gesot, kënnt aus dem Joer 1993. D'Gesetz vum 29. Juli 1993 huet de Gesamtbetrag vun 1,55 Milliarde fir déi baulech Ëmännerunge vun deem grouss Gebaikomplex am Gronn virgesinn, an ech kann derbäifügen, dass et ausgesäit, wéi wann déi Enveloppe bal ganz genee géif respektéiert ginn, wat ee luewend muss ervirsträichen.

1993 stong scho fest, dass doraus e Centre culturel de rencontre sollt gemaach ginn, op Lëtzebuergesch eng Plaz, wou interesséiert a kulturell interesséiert Leit sech kéinten treffen. An deem Gesetz war zrëckbehalen ginn, dass de Kontakt mat dem Faubourg Grond geknëppt sollt ginn. Dat war de virleefeg Schlusspunkt vun enger intensiver Diskussioun tëschent der ONG „Inter-Action Faubourgs“, wéi se deemools geheescht huet, an der Politik. Bekanntlech hat dës Associatioun sech schon 1984 gemellt, fir am Kader vun der Abtei Neimënster tätég kënnen ze sinn. Inter-Action huet bis haut, fir déi sozial a kulturell Beliewung vum Faubourg Gronn, eng wichteg Roll gespillt.

Am Bericht vun der Kulturkommissioun vun eiser Chamber vum 1. Juli 1993 zum Bauprojet steet geschriwwen: „Le centre culturel de rencontre Neumünster s'adressera en premier lieu aux riverains.“

Voilà pourquoi la commission exprime le souhait qu'un programme d'activités adapté à la population riveraine soit mis en place".

Eis deemoleg Chamberkommissioun, ënnert der Fieder vum CSV-Deputéierte François Colling, hat d'Wichtigkeet vun enger Interaktivitéit tëschent dem Centre an dem Quartier ënnerstrach. Zugläich hat Inter-Action Faubourgs e prezise Katalog vu Suggestiounen virgeloegt.

Am Gesetz, dat mer haut diskutéieren, fënnt sech näischt vun deene Viraarbechten erëm. Dat ass bedauerlech, well an där laanger Gestatioun hate sech eng Partie Iddien erauskristalliséiert, déi haut méi wéi je wichteg a richtig sinn.

Als Stater begréissen ech, dass kulturell Institutiounen mat nationaler Vokatioun an der Stad geschafe ginn, selbstverständlech. Ech konstatéieren awer, dass eis Quartieren ëmmer méi eidel ginn, hiert Eegeliwe verléieren - verschidde Quartieren - a schlussendlech oft nëmmen nach Kuliss si fir Aktivitéiten, déi un de Leit, déi do liewen, erlaanscht ginn. Et bleiwe fir si d'Niewewierkungen: De Verkéier, de Kaméidi am Dag an ëmmer méi an der Nuecht. Ech bedauern, dass déi Leit, déi an der Kulturpolitik zu Lëtzebuerg d'Soen hunn, kee Gefill fir de Problem vun der Integratioun vun esou Infrastrukturen an e Quartier hunn.

Fir mech ass Kultur net eng Affär vu Prestige, déi mer eis kënne leeschten, well mir apparentment esou räich solle sinn, mä eng Affär vu Liewen, vu Participatioun vun alle Leit, vu Mateneen, an an éischter Linn mat deene Leit, déi ronderëm liewen. Do entsteet Zesummeliwe vun alen an neien Awunner. Do entsteet eng nei Kultur fir Lëtzebuerg, an do gëtt och gewisen, wéi d'Zesummeliwe vun deene ville Leit vu verschiddens-ter Hierkunft ausgesi kann.

D'Quintessenz vun de Missiounen, Här President, wéi se elo vun dëser Regierung zréckbehale goufen, besteet an engem zimlech vague ëmschriwwene Projet ronderëm d'Lëtzebuerger kulturell Identitéit an hirem Kontakt mat anere Kulturen. Déi Saach vun der kultureller Identitéit geet zréck op eng Iddi vun 1993, fir am Gronn eng Dauerausstellung iwwert d'Lëtzebuerger Identitéit anzerichten, e bësse wéi d'Ausstellung ulässlech den 150-Joer-Feierlechkeete vun 1989. Doraus gëtt elo eng zentral Missioun fir Neimënster gemaach.

Ech perséinlech weess net, wat dat ka ginn. Fir mech au contraire soll Neimënster eng Plaz fir Kreatioun sinn, fir Künstler vun hei a vun dobaussen, wéi och fir Kanner an all Zorte Leit. Et soll eng Plaz fir Echanging a fir Diskussiounen ouni Préjugé sinn.

Den Artikel 2 iwwert d'Missiounen vun Neimënster enthält keng klar Orientatioun fir déi zukünftige Aktivitéiten vun Neimënster. Ech wëll dat hei ënnersträichen. Et ass schlussendlech eng Aart Fourre-tout,

deen dem zukünftege Verwaltungsrot an dem Direkter fräi Hand gëtt, ze maache wat e wëllt. Dat ass net de Sënn vun enger propperer legislativer Aarbecht, fir engem Verwaltungsrot esou e grouse Spillraum ze ginn.

Glécklecherweis huet de Statsrot duerch eng formell Oppositioun verhënnert, dass de Stat wierklech absolut egal wat mat deem Etablissement ka maachen. Et sollt nämlech méiglech gemaach ginn, dass den Etablissement public kontraktlech mam Stat festgeluegte Missiounen kéint vollzéien. Dat heescht, dass de Stat all Kéier, wann en eng aner Iddi hätt, e Kontrakt mat deem Etablissement public kéint ofschléissen, fir dann och déi Missioun ze erfëllen. Do huet de Statsrot gesot, dat géif net goen. Dorophin huet d'Regierung noginn, well se och ouni dës Bestëmmung souwéiso maache ka wat se wëllt.

D'Gesetz schafft en Etablissement public. Bekanntlech war jo vill gefréckelt gi ganz am Ufank, ob et sollt eng Société anonyme ginn oder eng Stéftung. Ech muss soen, dass meng Partei hei ëmmer fir en Etablissement public war. Mir begréissen, dass dës Regierung sech och dofir entscheet huet. Den Etablissement public gëtt nämlech déi néideg Flexibilitéit, fir mat Privatleit an Associatiounen am In- an Ausland zesummeschaffen - wat staatlech Verwaltungen natierlech net esou liicht kënnen -, an trotzdeem d'Missiounen vum Service public ze betounen.

D'Ausenanersetzung tëschent Regierung a Conseil d'Etat, déi d'Mme Stein fidèlement reproduzéiert huet, huet an der Haaptsaach iwwer formal Aspekter vum Etablissement public gedroen. De Statsrot huet richtig bemierkt, et sollt een endlech eenheetlech Bestëmmungen fir all Etablissement public zu Lëtzebuerg aféieren. Ech mengen och, dass de Stat sech endlech soll eng eenheetlech Theorie ginn iwwert dat, wat Etablissement public fir d'Ministèren alleguer ka ginn. Wann ech elo éinescht gehéiert hunn, dass d'Mme Stein hei e Bréif zitéiert huet vun 1998 iwwert dat, wat en Etablissement public soll sinn, eigentlech e willfährigt Instrument vum Stat, an ech gesinn dann op anere Plazen, dass den Etablissement public soll méi Fräiheet kréien, ech mengen, da wär et un der Zäit, dass mer déi Diskussioun iwwert déi Theorie vum Etablissement public am Lëtzebuerger Stat géife féieren.

Ech mengen zwar, dass bei dëser Diskussioun iwwert den Etablissement public vun Neimënster d'Chamber, besonnesch d'Majoritéit vun der Chamber, eng gutt Geleeënheet verpasst huet, sech vis-à-vis vun der Regierung ze profiléieren, wa se wëllt hirer legislativer Vokatioun gerecht ginn. Si huet treiséileg nogeplappert, muss ech soen, wat d'Regierung hir virgeschriwwen huet, an huet dofir mat der Regierung déi Kéiere missen huelen, déi am Laf vun der Aarbecht vun der Regierung geholl goufen. Géint d'Meenung

vun der Opposition huet d'CSV-DP-Majoritéit an der Kommissioun dem Statsrot net gefollegt, wéi dee gefrot huet, dass am Verwaltungsrot net sollte Fonctionnaire setzen, déi par ailleurs den Etablissement public kontrolléiere mussen.

Här President, dëst schénkt mir eng evident Fuerderung an engem Rechtsstat, dee sech respektéiert, ze sinn. Et huet schonn eng formell Opposition vum Conseil d'Etat gebraucht, fir d'Regierung an hir Majoritéit zur Vernunft ze bréngen. Et wär dofir och elo interessant ze kucken, wat fir Fonctionnaires dann elo an dee Verwaltungsrot genannt ginn. Et bleift, wat de Conseil d'administration ugeet, dass d'Regierungsvertreder, fénnef un der Zuel, d'Majoritéit hunn, an ze erwaarden ass, dass d'Personalitéiten ausserhalb vum Stat an der Minoritéit sinn. Fir déi intern Dynamik, besonnesch an engem kulturellen Etablissement public - well dat ass jo awer e bëssen en aneren Etablissement public wéien, dee wierklech eng Verwaltung ze féieren huet -, wär et besser, d'Zuel vun deenen engen an deenen anere wär gläich, souwéissou hätt jo de President den Ausschlag. Do wäert d'Regierung sécher och kee Revoluzzer wëllen hisetzen.

D'Logik vum Etablissement public, menger Ansicht no, ass net, dass de Stat sech ënnert engem anere Mäntelchen nei Verwaltung schaaft an duerch d'Majoritéitsverhältnissen do maache kann, wat e wëllt. D'Logik ass jo gewësse staatlech Rigiditéiten ze iwwerwannen an och emol en neie Geescht eranzebréngen.

Et ass virauszegesinn, esou wéi den Text formuléiert ass, dass vun deenen dräi Personalitéite vu bausse wuel nëmmen een, oder héchstens zwee, aus dem Krees vun de kulturellen Acteure komme wäerten. Derniewent ginn nach Perséinlechkeete gesicht, déi kompetent - wéi et am Gesetz steet - an der Gestion d'entreprise solle sinn, wuel och fir Sponsoren ze sichen. Dir gesitt, dass an deem Conseil d'administration d'Plaz vun der Kultur, an dat an engem Etablissement public deen der Kultur consacréiert ass, wierklech à la portion congrue reduzéiert ass.

Ech wëll derbäifügen, dass esou wéi d'Missioun vum Verwaltungsrot am Artikel 3, Paragraph 8 ugefouert sinn, dee sech ganz wéineg ëm déi kulturell Ausrichtung këmmere wäert kënnen. Et ass ze bedauern, dass d'Gesetz dofir kee kulturelle Bärot, zum Beispill e Comité consultatif culturel virgesäit, deen ausschliesselech aus kulturellen Acteuren zesummesat ass an dee bei der kultureller Ausrichtung Virschléi maache kéint. Dat wär jiddefalls e wichtegen Zousaz zum Gesetz gewiescht.

Ech wëll nach eppes zu der Fro vum Direkter soen, well den Direkter niewent dem Verwaltungsrot eng ganz wichteg Funktioun huet. Zu deem, wat ech am Folgende wëll soen, wëll ech virauschécken, dass et

mer net ëm eng Persoun geet, ech wëll dat ganz ausdrécklech soen, mä ëm d'Manéier wéi d'Regierung sech an der Fro vum Direkter behëlt.

Ech hat dozou den 12. März 2001 eng Fro un d'Mme Kulturminister gestallt, ob en Direkter faisant fonction vun der Regierung agesat gi wär. Dat wär jo eng Virentscheidung gewiescht, well ee jo weess, dass wann emol een ageschafft ass a säi Leeër fonnt huet, hien dann duerno déi meescht Chancen huet, fir Direkter ze ginn. Domat wär dann och enger Décisioun vum Verwaltungsrot virgegraff, wat klor géint d'Gesetz gewiescht wär.

Ech sinn dunno och vun der Mme Kulturminister an hirer Äntwert uerdentlech op d'Plaz gesat ginn. Dat wär falsch, wat ech gesot hätt, huet se mer wësse gelooss. Ech gouf an där Äntwert awer och gewuer, dass dee Betreffenden, dee jo Direkter vun der Agence luxembourgeoise d'action culturelle ass, vum August 2000 u mat enger halwer Tàche eng Equipe de gestion et d'animation appelée à mener la préfiguration du CCRAN leede soll. Zousätzlech dozou soll eng Asbl dofir geschafe ginn.

Ech zitieren aus der Äntwert vun der Mme Minister: „Compte tenu de l'importance du suivi quotidien et permanent des travaux dans la phase actuelle de réhabilitation et d'aménagement des bâtiments, une asbl de transition est en phase de constitution pour assumer les travaux de préfiguration du futur Centre sous la responsabilité de l'actuel directeur de l'ALAC, l'Agence continuant ses activités sous la responsabilité d'un nouveau directeur qui sera nommé incessamment“.

Ech weess net, ob dës Asbl an der Zwëschenzäit besteet. Ech weess och net, ob d'Regierung dat einfach esou ka maachen, eng Asbl schafen. Et wär net oninteressant, wann d'Mme Kulturminister faisant fonction ons hei kéint doriwwer Opschloss ginn, ob dat eng normal Praxis beim Lëtzebueger Stat ass, ech fanne perséinlech, dass dat e bëssen eng erstaunlech Method ass. Ass et eng nei Method am Stat, fir Aarbechte vum Stat ze maachen? Dat entzitt sech menger Kenntnis.

Et gëtt mer dann och nach gesot, d'ALAC soll weider-schaffen an zwar ënnert engem neien Direkter, deen „incessamment“ - steet an der Äntwert - ernannt soll ginn. Dat géif jo heeschen, dass den Direkter faisant fonction, deen eigentlech dat jo net ass no der Mme Minister, ganztägeg fir d'Abtei Neimënster schaffe soll, an also seng Plaz an der ALAC opginn hätt. Dobei huet e jo sécher keng Assurance fir d'Zukunft kritt.

Déi zwéngend Konsequenz zitt d'Mme Minister doraus: „Il échet donc de constater que le Gouvernement n'a pas nommé de directeur f.f. de l'établissement en voie de création“. Neen, dat huet d'Regie-

runge och formal net gemaach, mä si huet all Viraussatzunge geschafen, fir dass kee laanscht den heitegen Direkter f.f., deen dat jo net ass, kënnt, wann emol en Direkter soll genannt ginn. Ech fannen des Zort vu Personalpolitik alles anescht wéi transparent.

Wat natierlech net mat dësem Projet festgeluegt gëtt, dat ass d'Finanzéiere vun Neimënster. Wéi all Etablissement soll jo dësen och eng Statsdotatioun kréien a sech fir de Rescht um fräie Maart seng Suen huelen. Wéi de Rapport tëschent deenen engen an deenen anere Ressourcen ass, dovun hänkt d'Ausrichtung vum Service public of. Ech wollt dofir d'Mme Minister froen, wéi staark de Stat finanziell do agraife wëllt a wéi de Personalkader ausgesi soll?

Déi kritesch Remarken a besonnesch déi Onklorheeten, déi d'Missioun vum deem zukünftigen Etablissement public ëmginn, brénge meng Fraktioun derzou, dësem Gesetz net zoustëmme. Mir hu kee Vertrauen an d'Regierung, aus der Abtei Neimënster dat dynamescht kulturellt Instrument ze maachen, wat deem bedeitende geschichtleche Bau an deenen héijen Investissementen, déi an d'Renovatioun gestach gi sinn, entsprécht.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Alexandre Krieps.

M. Alexandre Krieps (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi 4702 beschäftegt sech als Complément zum Gesetz 3619 vun de Gebailechkeete vum 15. Juli 1993, dat heescht, deen Dag no deem ominösen Haebichtsgesetz - de 14. Juli war dat -, mat dem Etablissement public Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster.

Eis Fraktioun hat sech deemools enthalen. Haut géif ee bal kënne behapten, et war eng gelongen Zaan-gebeuert. Ech erënneren: Deemools waren och bei eise sozialistesche Kollegee scho vill Meenungsver- schiddenheeten. Ënner anerem hat eise Kollege Jeannot Krecké gesot, e wëllt net Gebuertshëllefer sinn.

Loosst mech haut virausschécken, dass d'DP-Fraktioun der Mme Rapporteur Nelly Stein merci seet, fir hir gutt Aarbecht an d'Viraarbechten an der Kommissioun, och fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech muss zwar soen, ech hat, contrairement zum Kollege Fayot, d'Impressioun, dass déi Responsabel aus dem Ministère an de Kommissiounssätzungen eis ganz oft interessant Erklärungen ofginn hunn.

(Interruption)

Okay, mä ech mengen, Dir sidd e bëssen zevill pessimistes.

Wéi oft deet e klengen historesche Rappel ganz gutt, speziell wann ee bedenkt, dass d'Halschent vun de Gesichter heibannen säit dem 15. Juli 1993 gewieselt hunn.

(Interruption)

Neen, d'Halschent. Ech hu se gezielt. Dir sidd jidde-falls vu 17 op 13 erofgaangen. Dat ass emol eng zefriddestellend Konstatatioun.

Dee ganze Projet Neimünster geet an den Ufäng zrëck op d'Regierung 1974-1979, wou ënnert dem Statsminister Thorn verschidde Gebailechkeeten den Affaires culturelles ënnerstallt gi sinn, wat an der Regierung no 1979 bestätegt ginn ass. An den 80er Jore muss een dräi Faiten zrëckbehalen.

Deen éischte Fait ass de Mérite vun dem sozialistesche Kollege Robert Krieps, deen deemools envers et contre tous de ganze Patrimoine an öffentlecher Hand gehalen huet, woufir mir em haut natierlech dankbar sinn. En huet deemools au titre vun den Affaires culturelles, an net den Travaux publics, Suen engagéiert, fir d'Haus vun de Sites et Monuments an den Tutesall ze renovéieren.

En zweete wichtege Fait war eng Motioun, d'Nelly Stein huet Referenz drop gemaach, vum 18. Mäerz 1986 hei an der Chamber, wou kuerzfristeg d'Klasséiere vun Immobilien am Stadgronn als Monuments nationaux gefuerdert ginn ass. Den Auteur vun där Motioun war déi heiteg Bauteministerin Erna Hennicot-Schoepges, där mir och dofir merci soen. D'Regierung huet, laut der Mme Stein, zwee Joer gebraucht, fir dat Klassement virzehuelen.

Aus der Siicht vun der demokratescher Fraktioun war en drëtten wichtege Moment eng Interpellatioun vun der Mme Colette Flesch, den 31. Januar 1989, iwwert d'Applikatioun vum Artikel 99 vun der Verfassung a Bezuch op Neimünster. Ech wäert herno dorop zrëckkommen. Dat war och eng ganz interessant Debatt, well wéi oft an där Zäit si vill Sue laanscht d'Erlaabnis vun der Chamber engagéiert ginn.

Déi dräi Leit hu verschidde Mériter an ech géif mengen, mir sinn deene fir hir Attitüden dankbar.

Den Artikel 99, deen huet d'ailleurs vu viru Mondorf bis an déi lescht Woch hei am Parlament säi Schiet virausgeworf. Sinn dann net d'lescht Woch d'Ministernen duerch eng Motioun, déi op en Hoer bal ugeholl gi war, regelrecht opgefuerdert ginn, fir Kreditter ze dépasséieren?

An der Diskussioun ëm d'Gesetz vun de Gebailechkeeten am Juli 1993 war och ganz vill iwwert d'Zilsetzung an de Fonctionnement vun deem Centre de rencontre geschwat ginn. Et war, wéi den Här Fayot scho gesot huet, Rieds vu Privatiséieren, Rieds vun engem Hôtel mat 65 Better, fir ze hëllefen d'Käschten ze decken. Et war Rieds vu Kongress-tourismus, vun

Usiedele vum Sozio-kulturelle Radio, vun enger méiglecher Konkurrenz mam Pei-Musée, vum Uschloss, an dat bleift jo nach ëmmer esou, vun Neimünster un dat franséischt Netz vun de Centres culturels. Et gong Rieds vun engem botanesche Gaart, vun engem archeologesche Musée, vu sozialem Wunnengsbau am fréiere Criminel. Et war Rieds vu Crèchen, Foyers de jour, Garderien, engem Centre de formation fir Proffen an der Artistik.

Déi interessantst Fro, an déi ass virdrun zum Deel ugeschwat ginn, war déi vun der Priorité culturelle iwwert de Critère de rentabilité. Dat ass natierlech e Punkt, dee mer an der Kultur ëmmer mat viruschleefe mussen.

Deemools, 1993, ass gehofft ginn, dass de Projet spéitestens bis 1996 fäerdeg wär, an Deeler souguer fir d'Kulturjoer 1995. Elo gëtt et Enn 2002. Ech muss soen, mir sinn dat hei gewinnt, well dat applizéiert sech jo och op Schoulen an op all méiglech Saachen. Loosse mer ons net opreegen.

D'Chamberskommissioun war virun zwee Méint do ënnen. Mir gleewen, dass mer um richtege Wee sinn. Ganz erstaunlech ass natierlech de Fakt, dass déi baulech Substanz dee Projet dozou, d'Enveloppe financière net sprengt soll. Dat wäerte mer an deenen nächste Méint nach gesinn.

E Problem, deen net geléist ass a wäert bleiwen, si fir d'Awunner am Gronn Nuisancen, am Fall wou groussen Zoulaf wär, dee groussen Zoulaf dee mer natierlech erhoffen. Et gëtt un eng Zone piétonne geduecht. Et ass kee Parking do. Eventuell soll een ënnert d'Rumm oder laanscht d'Uelzecht kommen.

Och ass d'Méiglechkeet gi vun engem Mangel u Statsverrieder am Verwaltungsrot. Ech gesinn dat anescht wéi den Här Fayot, well mir wäerten e Mangel u Statsverrieder an deene verschiddene Conseils d'administration oder Etablissements publics hunn. Ech denken un de Pei-Musée, dat philharmonescht Haus, an esou virun. Ech gleewen natierlech, dass d'Koordinatioun tëscht deenen eenzelne Kulturorganisatiounen d'Responsabilitéit vum Ministère wäert bleiwen. Ech weess net, ob eng Daachorganisatioun dofir besteet, e bëssen am Sënn vum Här Fayot sengem kulturelle Bäiro, mä dann natierlech fir all déi Etablissements publics, déi sech mat Kultur ofginn.

Den Här Fayot huet och A.s.b.l'en ugeschwat. Ech deelen do seng Meenung. Mir hu ganz schlecht Erfahrung mat den A.s.b.l'en hei am Land gemaach. Ech erënneren lech un de Rehazenter. Ech zielen net weider, well ech wëll net, dass lech d'Schudder de Réck eroflafen.

(Interruption)

Déi si selten, déi sinn éischter op privater Initiativ wéi staatlech gebonnen. Do si mer jo d'accord?

Mir mëschen ons net an déi Diskussioun ëm den Direkter f.f. Ech hunn d'Gefill, wann ech wëllt vum Direkter f.f. zum Direkter ginn, ech net géif ufänke vu virera mech selwer ze kräizegen, wéi dat elo d'lescht Woch war. D'DP mëscht sech an deem Zesammenhank natierlech guer net an déi ëmmer méi schwiereg Relatiounen tëscht Kierch, „Lëtzebuerger Wort“ an CSV an. Ech berouegen lech do. D'DP bedeelegt sech och a kenger Aart a Weis un engem opkommenden Halali.

Dat gesot muss ech awer nach d'Mme Hennicot-Schoepges félicitéieren, well se eis hei e Gesetz bréngt, wou net een eenzege Règlement grand-ducal dra virgesinn ass. Där Gesetzter hu mer der dëst Joer nach net vill gesinn a mir soen hir dofir merci.

Déi véier Haaptmissiounen, déi 1993 definéiert gi sinn, bleiwen natierlech déiselwecht a sinn affinéiert ginn.

Interessant war och dat Blietchen, dat mir gëscht zum Ordre du jour bäigeluegt kritt hunn. Do liest een eng ganz Rei vu Conditionellen an och esou Wieder wéi „éventuel“. Am Géigesaz zum Kolleg Fayot, mengen ech, erlaabt dat deem Centre culturel eng gewësse Flexibilitéit an och eng Eegegestaltung vun hirem Programm, wat ech net esou schlecht fannen, well ech hu perséinlech eppes géint déi stur a strikt Virgaben.

Ech begrëssen an deem Zesammenhank, dass mer am Flou artistique bleiwen: kreativ. De Ministère wäert jo do herno seng Verantwortung iwwerhuele missen, wann dat net géif fonctionnéieren.

(Interruption)

Ech weess, mä hei am Land war se relativ flou bis elo.

Ech begrëssen och deen Institut culturel franco-germano-luxembourgeois, wat menger Ansicht no an deem historiesche Quartier scho seng Begrënnung huet.

Et bleift ze wënschen, dass déi 18 Méint, déi bleiwe bis zur Ouverture vun deem Centre culturel, genotzt ginn, fir eng effikass Mise en place a Programmatioun.

D'DP - an do schwätzen ech vun den 80er Joren, wou mer gréisser Bedenken haten - fënnt natierlech den Dréi, wéi den Här Fayot dat gutt gesot huet, fir deem Projet de loi a senger Totalitéit zouzestëmmen, well mer iwwerzeegt sinn, dass dat hei wäert ouni Zweifel eng Dynamisatioun um kulturelle Gebitt fir Stad a Land bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Fernand Greisen agedroen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mat dësem Projet gëtt am Neumünster e Kulturzentrum ageriicht, wou kulturell an artistesch Aktivitéiten zesumme kommen. Ech wëll all deene Leit merci soen, déi un deem Projet matgeschafft hunn.

D'Mme Rapporteur huet e ganz gudd geschichtleche Réckbléck vun de Gebaier gemaach. Ech brauch net méi dorobber zrëckzekommen.

D'Bedeitung vum Site fir d'Stad Lëtzebuerg an doriwwer eraus fir eist Land ass och däitlech gemaach ginn, net zulescht wéi en als Monument historique protégéiert ginn ass.

De Statsrot schwätzt a sengem Avis vun engem „lieu de mémoire fort“ an nennt de Site „mémorable et lourd d'histoire“.

Grad esou wéi de Statsrot ass den ADR och der Meenung, dass et richtig ass, esou eng historiesch a geschichtlech wäertvoll Plaz opzewäerten an ze erhalen.

De Betrib, de Fonctionnement vun de Gebaier soll duerch en Etablissement public mat Liewen erfëllt ginn. Dat Ganzt soll, wéi gesot, mat kulturellem an artistischem Liewen erfëllt ginn an dréit sech ëm déi Lëtzeburger kulturell Identitéit am Kontakt an am Dialog mat anere Kulturen. Mat dësen Iddien ass den ADR averstanen an ech wëll och dofir den Accord vu menger Fraktioun zum Projet ginn.

Wichtig ass eis nach, dass d'Institutionen, d'Veräiner, och aus der direkter Noperschaft, hir Aktivitéiten do erfëlle kënnen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Bal war et esou gewiescht, dass dëse Projet deeselwechten Dag ofgestëmmt wär gi wéi de Projet vun der Ofschafung vun Haebicht. Dat ass schonn hei gesot ginn, awer duerch widdreg Ëmstänn ass et en Délai vun engem Mount ginn, wou mer elo iwwert dee Projet schwätzen, deen, esouwuel wat de Bau wéi och de Contenu betrëfft, gewësse Rekorder brécht, wou et schwéier war se nach ze brieche.

Éischens dee Rekord vun 8,4 Joer vun der Moyenne tëschent der Décisioun fir eng kulturell oder eng schoulesch Infrastruktur ze bauen a senger Realisatioun. Déi gëtt jo hei ëm e Vielfacht iwwerschratt, besonnesch wann ech d'Archeologie vum Här Krieps

géif noverfolgen, da kéim ee schonn zrëck op dat Dräifacht, well da geet et zrëck op d'80er Joren.

E brécht natierlech och all Rekord tëschent der Décisioun de Bau ze maachen, nämlech dee vun 1993, an dësem Gesetz, dat d'Gestioun regléiert. Dat si jo och da quasi genau aacht Joer.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass béis Zonge behaupt hunn, et wier haaptsächlech dem Bauteministère ze verdanken, ënnert dem deemolege Bauteminister Goebbels, dass dee Projet esou verzögert gi wär, well komescherweis gewësse Projeten ëmmer ganz staark accélériert gi sinn an anerer wéi dësen hei, oder wéi eng gewëssen Hal an der Minett, ëmmer erëm retardéiert gi sinn, ënner technesch an anere Virwänn. Mä ech wëll net de Staf brieche iwwer Anciennetéiten, déi net méi hei sinn, déi sech net kënnen wieren. Ech hunn awer mat vill Interesse a mat vill Amusement d'Debatten nogelies vum 15. Juli 1993. Ech ka mech erënneren, dat war zu spéider Stonn a verschidde Leit ware relativ euphoresch gelaunt op Grond vun den lesswueren an anere Saachen déi se zou sech geholl haten, an et kount zu gewëssenen interessanten a flotte Scharmützel, besonnesch well och nach dee Projet vun der Festung, dee jo bekannterweis eng ganz Rei vu grammatesche Feeler beinhalt huet, zur Debatt komm ass.

Ech ka mech erënneren, dass 80 % vun den Debatten deemools iwwert technesch Detailer gefouert si ginn a manner iwwert de Contenu, haaptsächlech iwwert de Lieblingsthema vun de Lëtzeburger Spiesser, nämlech de Parking. Ech ka mech erënneren, dass animéiert Debatte gefouert si ginn, ob een da soll e Parking ënnerierdesch maache mat Gondelen oder uewen op d'Rumm, oder de Parking St Esprit kéint de Leit zomudden déi 143 Meter zu Fouss ze goen, vum Parking St Esprit bis an de Centre culturel.

Ech hunn och nogelies, firwat dass mir eis bei deem Projet enthalen hunn. Ech muss soen, och no aacht Joer wier esou eng Enthalung, obwuel mir eis dës Kéier fir de Projet ausschätzen, nach ëmmer gerechtfertegt weinst der Argumentatioun. „Deen éischte Grond fir eis ze enthalen ass deen, dass hei zu Lëtzebuerg en équilibréiert Gesamtkonzept fir kulturell Zentren iwwert d'Land feelt, déi souwuel déi méi reng, wéi déi passiv kulturkonsumorientéiert Strukturen, wéi déi vläicht méi elitärorientéiert Strukturen, wéi déi vläicht méi alternativ Kreatiounen an och vläicht déi méi populär Strukturen, haaptsächlech am Rockberäich an am Jugendberäich, e bësse méi intelligent géife matenee gewiichten, zum Beispill am Kader vun enger Loi-cadre oder vun engem Plan quinquennal, obwuel dat och keng Garantie ass fir esou eng guut Planung“.

Mir haten deemools eis Bedenken, dass ëmmer deemolwechten Typus vu Strukture bevirdeelegt géif ginn an net en aneren.

Ech hu mech dunn drun erënnert, dass ech deemools eng Motioun déposéiert hat, fir déi Struktur, déi ech hei erwähnt hunn, och ze fördern, wou d'Regierung opgefuerdert ginn ass, d'Kulturfabrik ze ënnerstëtzen an alles en œuvre ze setzen, fir dass do och eppes soll geschéien. Dat war deemools ganz interessant, well déi Motioun war ënnerschriwwen vum Här Colling, vum Här Di Bartolomeo, vum Här Geisbusch a vun der Mme Lydia Mutsch, a vu dass den Här Colling déi mat ënnerschriwwen hat, koum et deemools an der CSV zu engem gréisseren Scharmützel an en Deel vun der deemoleger Fraktioun huet géint déi Motioun gestëmmt an en Deel dofir, an doduerch ass déi Motioun duerchgaangen an dat huet och menger Meenung no de Prozess vun der Realisatioun vum Schluechthaus accélériert. Dat war also eng Randerscheinung vun den deemolegen Debatten, un déi ech mech nach ganz gär erënneren.

Wéi gesot, och aacht Joer no deenen Debatte sinn ech nach ëmmer där selwechter Meenung. Jo zu groussen Infrastrukturen, jo zu importente Budgets-posten, souwuel wat de Bau wéi och de Fonctionnement betrëfft, mä et muss een en Equilibre fannen tëschent deene Megastrukturen, déi éischter am Déngecht vum Prestige vum Stat stinn, an deene PMEen, déi haaptsächlech a Form vun A.s.b.l.e ganz vill Kulturaarbecht op der Basis maachen.

Ech hat deemools, wéi gesot, an enger Ried och fënnef Type vu Kulturinstituter genannt, fir do den Equilibre ze maachen. Ech hu se schonn am Zitat erwähnt.

Wat awer och nach interessant ass, dat ass, wann een déi Fonctionne vergläicht, déi deemools genannt si ginn, mat deenen, déi elo an deemem Projet de loi stinn. Deemools war gesot ginn: Éischtens, den Accueil du public. Ech ka mech do och erënneren u ganz flott Diskussiounen, wou nämlech ëmmer gesot ginn ass, dass den Accueil du public net nëmmen dee reng kulturelle Volet beinhalt, mä och eng Zesummenaarbecht mam private Secteur. An dee responsable Beamten ass ëmmer mat deem Beispill vun der Autos-presentatioun komm. Ech ka mech erënneren, dass dat deemools och nach zu Diskussiounen gefouert huet. Do ass zum Beispill proposéiert ginn, fir en neien Autosmodell virzestellen. Ech géif un déi Äusserung vun der Mme Brasseur unhänken, dass d'Presentatioun vun engem Auto grad op deem Site vläicht net déi allergéischtegste wär, ausser dass een deen Auto vläicht kennt eenzel dohinner bréngen, mä ech fannen dat symbolesch net esou gutt an ech sinn och net esou schrecklech erpicht drop, an do kommen Interruptionen hei am Bericht vun deemools.

Deemools waren och - als zweet Fonctionne - d'Reception ganz an de Vierdergrond gestallt ginn. Et war de Verdacht geäussert ginn, dass do gréisser Zeremonien, déi vläicht éischter am Beräich vun der less- oder Wäikultur ugesiedelt wäeren, wéi an der renger Kultur, géife stattfannen.

Da waren als drëtt Objektiv d'Sensibilisation zu der Création artistique an als véiert Objektiv d'Discussion culturelle. Et ass scho gesot ginn, dass deemools geplangt war ginn, den 100,7-Radio do unzesiedelen, deen an der Zwëschenzäit jo awer anerwäerts ugesiedelt ass.

Wéi gesot, ech rappeléieren nach eng Kéier: Et sinn aacht Joer vergaangen tëschent dem Vote vum Baute-projet, vum Contenant an elo vun der Gestion. Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, dass ee muss ënnerscheiden tëschent der Gestion an dem Contenu, well dëse Projet beinhalt eigentlech just d'Gestion, mä iwwert de Contenu gi mer net schrecklech vill méi gewuer wéi an de leschten aacht Joer.

De Kulturministère huet periodesch Dokumenter erausginn. En huet eng dräisproocheg Broschür, déi säit Joren ëmmer déiselwecht ass. En huet deemools e franséische Kulturfonctionnaire, den Här Lhardit, beoptraagt e Konzept auszuschaffen. Deen ass bei divers A.s.b.l.e gepilgert, fir et deene schmackhaft ze maachen. Dir kënnt lech vläicht do mat Ärer Bibliothék oder mat soss eppes usiedelen an och an deemem Moment herrscht an deem Secteur, deen an deene leschten aacht Joer ëmmer erëm kontaktéiert ginn ass vun diverse Leit, eng gewësse Konfusioun, wéi si géifen do mat agebonne ginn, ob se sech dierfen do usiedelen, ob se dierfe regelméisseg Veranstaltungen maachen, ob se e privilegiéierten Accès kréien.

Wat de Projet selwer ubelaangt, war ech eigentlech bewildert, wéi d'Engländer soen, dass ee guer näischt méi vun deem Esprit vun deene leschten aacht Joer erëmfënnt. Dat do ass elo eng reng staatlech Struktur, wou gesot gëtt am Exposé des motifs: Den Accès vun den Associatiounen ass do, mä en ass awer net geregelt.

Ech kommen dann nach eng Kéier op déi Fonctionen ze schwätzen. Éischtens d'Gestion.

Mir fannen et scho positiv, dass hei en Etablissement public geschaf ginn ass, well eng Zäit laang ass d'Regierung op de Wee vu Fondatiounen gaangen, zum Beispill bei der Fondation Grand-Duc Jean, wat eng Form ass, déi nach méi ontransparent ass wéi d'Etablissements publics, well souguer d'Etablissements publics sinn net schrecklech transparent. Als Deputéierte misst een eigentlech och skeptesch par rapport dozou sinn, well et kritt ee ganz seele vun engem Etablissement public, wann een net explicitement all Joer nofreet, Rapporen iwwer hir Aktivitéiten.

Meeschtens kritt een e Rapport d'activité, deen e Joer al ass an dann ass dat alles scho kale Kaffi, mä et gëtt een als Deputéierte relativ spët informéiert iwwert déi lafend Aktivitéiten.

E bësse mat gemëschte Gefiller gesi mer déi Préfiguratiounsphas, mä dat ass och eng Tendenz, déi ze beobachten ass. Dat hate mer och scho beim Pei-Musée a bei der philharmonescher Hal. Do ass eng A.s.b.l. geschafe ginn, déi dat Ganzt e bësse préfiguréiert huet an do hat ee schonn eng gewëssen Hypothéik drop, besonnesch wann do schonn een agéiert, dee vläicht ganz kompetent an och ganz gutt ass, deen awer da schonn e gewëssene Fouss an der Dier huet, wann den Etablissement public herno eng Ausschreiwung vun der Direkteschplaz mécht.

Wat mir negativ an där Gestoun gesinn ass d'Absence vun de sozio-kulturelle Mouvementer. D'Mme Ministerin huet zwar gesot, den Accès géif regléiert ginn am Kader vun engem Règlement d'ordre interne, well et si jo quasi Associatiounen do. Dee Centre culturel germano-franco-luxembourgeois ass eng Associatioun, déi hire Sëtz do huet, an den Institut vum Conseil de l'Europe huet och säi Sëtz do. Ech froe mech: Hunn déi elo e privilegiéierten Accès zu deenen Infrastrukturen? Wann een nämlech d'Programmer vum Goethe-Institut a vum Centre culturel zesummeschleift, da bleift net méi vill Plaz fir anerer. Wann déi nämlech d'ganzt Joer de Sall reservéieren, da kann egal wat fir e Club kommen, dann ass schonn alles besat. Dat fannen ech e bësse komesch an dofir plädéiere mir eigentlech dofir, dass an deem Règlement d'ordre interne kloer Kritären a Modalitéite festgeluegt ginn, no deenen Associatiounen kënnen Accès zu den Infrastrukture vum Centre hunn.

Et ass och gesot ginn, dass ee misst e Comité d'accompagnement maachen, wou déi Associatiounen dra vertruede sinn an och vläicht individuell Personalitéiten aus der Kulturszeen. An deem Sënn hat ech schonn de 14.6. eng Motioun préparéiert, déi ech datéiert hunn op dësem Dag, wou mir d'Regierung invitéieren, am Kader vun deem Règlement de fonctionnement interne Modalitéiten a Kritäre festzelleen, déi den Accès an d'Participatioun vum Monde socio-culturel associatif géife fixéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *saluant l'initiative du Gouvernement de conférer au „Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster“ le statut d'établissement public;*

- *souscrivant à la philosophie de rencontre et d'échange du centre impliquant également le monde socio-culturel associatif;*

- *constatant que l'exposé des motifs du projet de loi fait bien état de la participation du monde associatif socio-culturel dans les activités du centre, mais que cette participation n'est pas formalisée dans le texte de la loi;*

- *soucieuse toutefois que la participation du monde associatif ne soit pas uniquement tributaire de la bonne volonté des responsables, mais qu'elle repose sur des critères et des modalités bien définis;*

invite le Gouvernement

- *à assurer dans le cadre du règlement de fonctionnement interne du centre culturel de rencontre des critères et des modalités fiables réglant l'accès et la participation du monde socio-culturel associatif aux activités du centre;*

- *à envisager le cas échéant la création d'un comité d'accompagnement et de consultation pour les activités culturelles du centre.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Da kommen ech zum Contenu. Dat ass nach ëmmer e Flou artistique, deen natierlech vill Perspektiven opléisst. Mir ware vun deem préfiguréierte Leader invitéiert ginn, fir de Centre de Rencontre ze besichen an ech muss soen, dass dat, wat mir elo gesinn hu vun deenen architektonesche Realisatiounen, ganz interessant ass, well et sinn e puer einschneidend Moosname geholl ginn, déi dee ganze Centre e bëssen entstëbsen an déi menger Meenung no, wann een dat ganz flott mécht, kënnen dozou féieren, dass dee Centre eng oppe Struktur gëtt, déi ganz vill Leit unzitt.

Mir fannen et och d'emblée positiv, dass dee gemeinsame Centre vum Goethe-Institut a vum Centre culturel sech do etabliieren. Dat ass natierlech net aus Idealismus geschitt, mä well déi zwee Centres ëmmer erëm vun hiren Zentrale bedroht ginn zougemaach ze ginn, haaptsächlech de Goethe-Institut, iwwert deem ëmmer en Damoklesschwäert hänkt, an dat war e bëssen eng Flucht nach vorne, déi dann eben zu enger ganz flotter Iddi gefouert huet.

Natierlech muss ee soen, dass en awer en importanten Deel vum Robert Bruch-Gebai ugeknabbert huet, well et war jo am Ufank gesot ginn, do kéime ganz schrecklech vill Atelieren a Studioen. Elo sinn nach sechs Atelieren a sechs Studioen fir Artiste bliwwen an de Rescht ass vun deem Centre culturel a vun dem Centre itinéraire et interdisciplinaire occupéiert ginn an do bleift natierlech net méi schrecklech vill, d'autant plus, wann och nach déi Maison de la Grande Région do erakéim, da géif iwwerhaupt keng Plaz méi bleiwen. Ech rejoignéieren do dat wat d'Mme Stein gesot huet, dass et eigentlech villméi sënnavoll wär, dass déi Maison de la Grande Région op

eng Friche industrielle an de Süde kéim, zum Beispill Belval, well dat jo awer och da méi am Epizentrum vun der grousser Regioun läit, wéi elo onbedéngt de Gronn an dat géif dann och e bësse méi Plaz an e bësse méi Loft loosse fir d'Aktivitéite vum Centre.

Wéi gesot, ech rappeléieren nach eng Kéier dass déi „corporate identity“ vun deem Centre eis nach net esou richtig kloer ass. Mir wëssen net, wéi eng Programmation een do kann erwaarden, wéi eng Zaungäste do regelméisseg kommen, wéi eng Associatiounen en Abonnement hunn.

Ech kënnt mer zum Beispill virstellen, dass verschidde kleng classesch Kammerconcerten do kéinte méi regelméisseg Serië maachen, oder den Jazz-Club, de Folk-Club oder Literaturinitiativen, am Genre vun engem Café littéraire, oder dem Samedi du Jazz, oder dem Vendredi du Folk, oder Forum vun der Politique culturelle, also dass een do awer kéint Programmer maachen, déi net e sporadesche Charakter hunn, mä déi eng gewësse Regelméissegkeet hunn, well et gi vill Associatiounen, déi siche fir hir Aktivitéiten e bestëmmtent Lokal, fir net ëmmer erëm gezwongen ze si vun engem periphere kulturellen Zentrum zum aneren hir Aktivitéiten ze verlageren. Ech zitëieren do den Jazz-Club oder de Folk-Club, déi an deene leschte 15 Joer mindestens eng hallef Dose Mol hir Veranstaltungsuert gewiesselt hunn, wat net onbedéngt zu der Fidélisation vum Public bäigedroen huet.

Dat gesot wëlle mer ofwaarde wat dann de Contenu vun deem Centre culturel wäert ginn. Ech rappeléieren trotzdeem nach eng Kéier eis Fuerderunge fir niewent deene grouse Strukture wéi Neumünster oder dem Pei-Musée méi staark eng Gewiichtung ze maachen zu mëttleren a kleng Strukturen a sous réserve, dass d'Aktivitéiten deem Contenant och gerecht ginn, kënne mir dësem Projet zoustëmmen an hoffen awer, dass dës Motioun ofgestëmmt gëtt, well ech denken, dass et relativ wichteg ass, dass een am Kader vun deem Règlement interne den Accès vun den Associatiounen regléiert.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Stellvertriedend fir déi verhënnert Mme Bauteministerin hält d'Mme Familljeministerin Marie-Josée Jacobs Stellung zum Projet.

D'Mme Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Merci, Här President. Ech wëll hei nach eng Kéier d'Mme Hennicot entschëllegen, déi aus bekannte familiäre Grënn selwer de Moien net kann hei sinn, an déi awer bestëmmt frou ass, dass dee Projet zu engem positiven Ofschloss kënnt.

Ech géing och besonnesch wëllen der Presidentin a Rapportrice vum Projet de loi, der Mme Stein, merci

soe fir hire geneeë schrëftlechen a mëndleche Rapport an déi Explikatiounen, déi se hei ginn huet, déi et méi liicht maache fir een deen net esou an där Matière dran ass, kënne dozou Stellung ze huelen.

Et ass awer e Projet, dee mer nach um Häerz läit, well ech 1993 delegéiert Kulturministerin war. An déi, déi sech wëllen un där Lecture erfreeën, vun där den Här Garcia geschwat huet, kënne gär den analytesche Rapport vun deemools kréien. Ech hunn e mat-bruecht. Ech hunn datselwecht wéi hien, an ech muss soen, et war ganz interessant, fir dat nach eng Kéier erëm ze erliewen aus der Nuetssetzung vun deemools.

D'Iddi vum Centre Culturel vun Neumünster war richtig, fir op de Wee ze goe vun engem regionale Centre, wou a Frankräich siwen esou Institutiounen bestinn, wou et haut 22 Memberen an néng Länner an Europa gëtt, déi esou Zentren hunn. Ech denken, dass Lëtzebuerg sech gutt doranner areit.

Et ass hei gesot ginn, dass mer net nëmme solle kucken, do esou Säll zur Verfügung ze stellen, mä virun allem och inhaltlech eppes ze maache wat déi Kulture matenee verbënnt a wou och e bessen de Gedanke war, dat erëm opliewen ze loosse wat an der Zäit zu Kolpech vun der Mme Mayrisch gemaach gouf, wou verschidde Künstler zesummekomme sinn.

Esou e Centre de Rencontre huet selbstverständlech op där enger Säit eng kulturell Missioun, mä e wëllt awer och probéieren zu engem Deel ekonomesch Aspekter mat eranzebréngen, fir datt och do sech kënne Leit begéinen, déi op där enger Säit Colloquen oder Seminare wëlle maachen, oder vläicht op där anerer Säit och nëmme wëllen dohinner iesse kommen. Mä kloer ass et, datt dat Kulturellt muss Virrang hu vis-à-vis vun deem Ekonomeschen, esou dass et och kloer ass, dass den Haaptpunkt vum Finanzement vun deem Ganze wäert um Stat Iech bleiwen.

Den Thema vum Centre Neumünster ass „Identité et multiculturalité“ an ech denken, datt mer hei zu Lëtzebuerg kee besseren Titel hätte kënne fanne wa mer gesi wéi multikulturell eis Gesellschaft ass a sécher nach weider gëtt. Dofir mengen ech, ass et och wichteg, datt een esou eng Plaz huet, wou een dat ka liewen, ob dat elo an der Kultur selwer ass, ob dat an de Sproochen ass, ob dat geographesch oder demographesch ass, esou dass dat alles sech eigentlech do beieneen erëmfënnt.

Fir mech ass och eng flott Iddi déi vu deenen zéng Studioen, déi fir Artiste reservéiert bleiwen an dräi Atelieren, wou se kënne dra schaffen, eppes wat eigentlech ëmmer gefeelt huet bei eis am Land a wou och an där Zäit, wou ech an der Kultur tätég war, ëmmer eng grouss Demande do war. Ech denken, dass et wichteg ass, dass een esou Leit fënnt, déi een

domat un eist Land bënnt an déi dobaussen am Fong Ambassadeure gi fir eist Land an och fir déi Kultur, déi hei geschitt.

En anere wichtege Punkt ass besonnesch d'Relatioun mat den Associatiounen. Den Här Fayot huet beschriwwen wat deemools d'Gespräicher waren, besonnesch mat der Interactioun, déi elo nach eng Kéier, esou wéi ech dat gesot kritt hu vum Ministère, gefrot ginn ass, fir do mat täteg ze ginn.

Dat wat an der Tëschenzäit changéiert huet, dat ass, dass esouwuel d'Interaction wéi och de Sozio-kulturelle Radio nei Heemechte fonnt hunn, esou dass net méi eng direkt Demande do war, fir an de Centre selwer definitiv eranzekommen, mä wou ech denken, dass et awer nach ëmmer wichtege ass, dass mat deene Leit, déi am Gronn sinn, awer och Synergie gesicht ginn an dat hei och net ausgeschloss gëtt, mä datt eng Partie vun Associatiounen, wéi zum Beispill den ATD-Quart Monde, gefrot hunn, fir do eranzekommen. Déi stinn op där Lëscht. Ech denken u Luxembourg-Accueil, ebenfalls Leit, déi sech als A.s.b.l. ëm esou eppes këmmen, mat dobäi sinn a ganz bestëmmt wäerten och an Zukunft eng ganz Rei anerer dobäi kommen, esou dass awer net nëmmen dat sech erëm eng Kéier ausweist als eppes wat géif laanscht d'Quartiere vun der Stad goen.

Net virgesinn ass, dass all déi A.s.b.l.en definitiv Lokaler sollen zougewise kréien, well ee sech domadder selwer anenkt. Ech wëll als Beispill huele wat mer deemools scho gemaach hunn. Da war dat Haus „beim Engel“, wou eng ganz Partie Associatiounen erakomm sinn, déi do konnten hir Versammlungen halen, déi konnten do hir Aktivitéite maachen, mä et ass kee Sall extra fir si do reservéiert ginn, well dat, mengen ech, dozou féiert, dass mer einfach an der Onméiglechkeet sinn, jidderengem kënnen dat alles zur Verfügung ze stellen.

Et ass gesot ginn, d'Programmation wier nach ëmmer an engem Flou artistique. Ech denken awer, dass déi Cellule permanente, déi do schafft, muss kucken wéi dat alles an der Zäit évoluëiert. A wann ee bedenkt, datt mer effektiv bal 11 Joer duerno eréischt un d'Fonctionnéiere kommen, da kann ee sech virstellen, datt villes an där Zäit changéiert huet, sécher och um kulturelle Plang. A wann dat, wat ech vun de Bâtiments publics gesot krut, dass ee kann 2004 rechnen bis et opgeet, da mengen ech, ass jo nach eng Zäit do wou ee sech seng Gedanken ka maachen, besonnesch alleguer déi Partner, déi hei gewünscht goufen, kënnen dann hiert Wuert doranner matschwätzen.

Besonnesch positiv ass esouwuel vun der franséischer wéi vun der däitscher Säit deen Institut franco-germano-luxembourgeois opgehoill ginn. Och do ass dat wat den Här Garcia gesot huet net ganz falsch

gewiescht, dass elo vläicht aus der Nout eng Tugend gemaach gouf, mä wou se op enger Surface vu 540 m² am Bâtiment Bruch ënner Daach kommen. Ech mengen, och dat gehéiert zu deene kulturellen Acteuren, déi an eiser Géigend sinn a wou et sënnvoll ass, dass se mat doranner kommen.

Ech ka mech grad esou gutt domat ufrëndend wann d'Maison de la Grande Région op eng aner Plaz kënnt, wann dat zum Beispill an den Industriebroochen ass, wéi dass dat onbedéngt um Site vun Neumünster ass. Mä, wéi gesot, wichtege ass, dass déi verschidden Acteuren, déi wëllen dohinner kommen, och d'Méiglechkeet kréien. Ech denken awer och un déi 10 Säll mat Capacitéite vun 200 Persounen, wou besonnesch elo iwwer Concerten an ähnlech Rieds gaangen ass vum Här Garcia, dass een och déi ka fir déi Klibb an déi Associatiounen, déi bestinn, zur Verfügung stellen an dass et effektiv eng Fro vun der Opdeelung ass, wéi een domadder ëmgeet, d'selwecht wéi den Institut européen des Itinéraires culturels, deen aus dem Conseil de l'Europe ervirgaangen ass, wou et flott ass, dass een déi do ka matabannen.

De Bâtiment Robert Krieps oder den Tutesall, dee wierklech net fir alles ze gebrauche war, gëtt elo méi flott an et muss een dovun ausgoen, dass esouwuel Konferenze wéi Projektionen, Theater, kleng Concerten an Danz do kënnen gemaach ginn. Och flott ass d'Iddi, dass am Summer eenzel Aktivitéite kënnen virun der Dier stattfannen. Ech mengen, dass dat eng Beräicherung fir dee ganze Site ass.

Et kann ee sech virstelle wat de Finanzement ugeet. Dofir ginn ech op eng Partie vun deene Froen an Iddien, déi hei vun Deputéierte komm sinn, an. Ech fannen et e bëssen traureg, Här Fayot, dass Der dat alles éier negativ gesitt a staark Zweifel hutt iwwert de gudden Fonctionnement. Ech mengen awer, dass dat do eppes kéint sinn, wat gutt a flott kënnt fonctionnéieren a wat och fir dee Quartier selwer eng Beräicherung ass, a wou et net drëm geet, dass de Stat mengt, e kéim do laanscht alles. Et geet een dovun aus, dass vläicht 25 % eege Recetten erakommen, mä dass een awer muss domat rechnen, dass et éischer 75 % wäerte sinn, déi de Stat muss an Zukunft droen. Wann et manner ass, desto besser, mä dat wäert sécher net am Ufank méiglech sinn.

Dann hat den Här Fayot seng Bedenken iwwert d'Etablissements publics iwwerhaapt. Ech denken, dat geet iwwert de Kader vun dëser Diskussioun eraus. Op där enger Säit si mer frou, dass mer méi flexibel kënnen fonctionnéieren. Wa mer awer d'Etablissements publics alleguer d'selwecht fonctionnéiere loossen, dann hu se am Fong e bëssen hiren Objet verluer, well en Etablissement public an der Kultur ass eppes anescht wéi en Etablissement public, wann et drëm geet fir sech ëm eeler Leit ze këmmen oder d'Gestioun vu Crèchen ze maachen. Dofir mengen

ech, ass dat eppes, wat een op engem anere Plang muss regele wéi dat hei.

D'Beamten, déi am Kulturministère schaffen, ginn d'selwecht behandelt wéi déi, déi am Sportsministère schaffen. Do si mer jo op de Wee gaange fir ze soen: Déi, déi doranner kommen, däerfen am Ministère keng Signature méi hunn. Déi däerfe sech och net méi ëm d'finanziell Gestuon dovun këmmen.

D'Mme Stein ass an hirem Rapport dorobber agaangen, esou gutt an deem schréfftleche wéi an deem mündlechen, esou dass ech mengen, dass do awer deene Bedenke Rechnung gedroe ginn ass.

Wat den Direkter ubelaangt, ass nach keng Décisioun geholl ginn, well de Conseil d'administration dat selwer muss decidéieren, wéi den Här Fayot gesot huet.

Déi A.s.b.l. ass net gegrënnt ginn. Ech ka mir och net virstellen, datt e Problem géif bestoe fir e Comité d'accompagnement do virzegesinn, wann ee mengt, et géif méi brénge wéi dee Conseil d'administration, dee jo do virgesinn ass. Ech ka mir och net virstellen, datt d'Mme Hennicot sech deem géif widdersetzen.

Op där anerer Säit ass et kloer, an den Här Krieps hat dorop higewisen, datt een eng Flexibilitéit muss behale wat d'Gestaltung ugeet an et wär schued, wann een sech déi - wéi gesot - géif doduerch huelen, datt een zevill rigide Virschreft vu vireran hei mécht.

Den Här Garcia hat virun allem och iwwert d'Geschicht heivunne geschwat an eigentlech ass et jo interessant wann ee mierkt wat alles geschitt ass op anere Plazen. Ech denken nach un d'Kulturfabrik, déi méttlerweil eng Rei vu Joren gutt fonctionnéiert; ech denken och un den 100,7 deen eng aner Heemecht fonnt hat, a fir vill Leit zu engem feste Bestanddeel ginn ass. Et ass och hei vum Här Fayot geschwat gi vum där Expositioun vum 1989. Hei ass virgesinn, fir déi ze reaktualiséieren an där eng nei Heemecht ze ginn am Musée de la Forteresse. Ech denke mer, datt dat vun deenen eenzelne Leit mat Satisfaktioun ugeholl gëtt.

An dann nach d'Lëtzebuerger Krankheet vum Parking. Am Moment ass e Projet an der Diskussioun, e Parking sous-terrain, wou den Etablissement public mam Centre du Rham a mat der Stad Lëtzebuerg dobäi ass ze diskutéieren an ze kucken, fir eventuell esou een ze schafen. An ech denken da wäeren et nëmmen nach 99 Meter wäeren an et esou zoumuttbar wär fir déi Leit déi wëllen dohinner kommen.

Une voix.- A wéivill Milliarde kascht dee Projet do?

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Jo, dat musse mir da kucken, esouwäit si mir nach net. Da sinn ech selbstverständlech och frou, esou wéi den Här Fayot och, datt mir gesinn datt dee finanziellen Deel esou kann agehale ginn, wéi dat virgesi war an datt mir an där Enveloppe an deem bleiwe wat hei an der Chamber gestëmmt ginn ass.

Domat ass e wesentleche Schrëtt gemaach ginn. Trotzdeem ass et ganz schwierig, besonnesch wann een an al Gebaier geet, fir ëmmer do am Ufank scho virzegesi wat et spéider am Finanziellen ausmécht. An esou enger Situatioun ass et méi schwéier, am Viraus ze gesi wat alles do op een duer kënnt, a wann ee sech dorunner kann halen ass et ëmsou besser.

Mir hoffen also, datt déi Bauprojeten net nëmmen am Kader vun hirer Enveloppe bleiwen, mä virun allem awer och am Timing sinn a mir endlech, no 11 Joer, nämlech am Joer 2004 dese Centre senge Bestëmmunge kënnen iwwerginn, wat wierklech dann net méi ze fréi ass. Ech géif lech nach eng Kéier allequerte gäre villmols merci soen an och merci datt Dir mir nogelauschtert hutt.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4702 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Also hei ass e Geschwätz wéi um Joermaart. Dir Hären, ech muss lech awer bieten, e bëssen opzepassen. Hei gëtt an engem Stéck - och wéi d'Ministesch elo hir Ried gehal huet - geschwat a gemaach, wéi wann dat normal wär. Ech hunn heiansdo d'Gefill, den Här Di Bartolomeo géif hei de Schäfferot vun Diddeleng ofhalen.

(Hilarité)

Une voix.- Här President, ech mengen do leit Dir net ganz falsch.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, ech wëll lech just soen, datt ech fir eng Kéier elo wierklech schrecklech brav war a kee Wuert gesot hunn.

M. le Président.- Dir hutt an engem Stéck geschwat a kënnt keng zwou Minutte setzen ouni ze schwätzen. Da lauschtert elo no, fir datt Dir wësst wat gestëmmt gëtt.

D'Artikelen 1 bis 9 si gelies an ugeholl.

Da stëmme mer elo of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

2602

De Projet de loi 4702 ass ugeholl mat 45 Jo- an 11 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen nach zu der Motioun 1 vum Här Robert Garcia. Si läit vir an Dir hutt se och explizéiert kritt. Mir kënnen dann driwwer ofstëmmen.

Vote

Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest: D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Da komme mer elo zu der Diskussioun vum Projet de loi 4673A iwwert d'Brevets d'invention. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Ady Jung, d'Mme Mady Delvaux-Stehres, den Här Fernand Greisen an den Här François Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, d'Mme Agny Durdu.

2. Projet de loi 4673A portant modification de

- la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention, telle que modifiée par la loi du 24 mai 1998;

- la loi du 27 mai 1977 portant

a) approbation du Traité de coopération en matière de brevets, fait à Washington, le 19 juin 1970,

b) adaptation de la législation nationale en matière de brevets telle que modifiée par la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention;

- la loi du 27 mai 1977 portant

a) approbation de la Convention sur la délivrance de brevets européens, signée à Munich, le 5 octobre 1973,

b) adaptation de la législation nationale en matière de brevets telle que modifiée par la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

Mme Agny Durdu (DP) rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Buschtaf A hannert der Nummer 4673 indiquéiert dem Plenum, datt et sech hei ëm e Projet de loi handelt wou eppes Spezielles geschitt war. War de Projet de loi ëmgeännert ginn oder gespléckt ginn? E war geännert ginn. Nämlech den initiale Projet 4673 hat am Fong geholl en duebele Volet. Dat eent war d'Ëmsetzung vun der Direktiv 9844 iwwert d'Protection juridique des inventions biotechnologiques an den zweete Volet vun dësem Projet de loi hat virgesinn, wat haut an deem jetzege Projet de loi 4673A virgesinn ass. Et sinn dëst purement Ëmännerunge vum Volet économique vun där besteeënder Gesetzgebung an der Matière vun de Breveten.

No der éischter Analys, déi mir an der Commission de l'Economie vun deem gesamten Text gemaach haten, hu mir décidéiert datt mir weinst der Problematik vun den Inventions biotechnologiques eis sollten den Avis vun dëser Chamber a vun der Commission d'Ethique huelen. Dat ass elo gemaach an dorobber hin ass festgehal ginn, datt mir den initiale Projet géife splécken an datt de Volet „protection juridique“ vun der Biotechnologie sollt an der Commission d'Ethique bleiwen an de Volet économique vum Gesetz an der Commission de l'Economie analyséiert sollt ginn.

Ech wëll just als Informatioun mat op de Wee ginn, datt mir dee Volet vun der Biotechnologie genau analyséieren, datt mir well eng ganz Partie Entrevuen haten, datt mir am Hierscht déi Analyse wäerte viru